PÉRIODIQUE ÉDITÉ TRIMESTRIELLEMENT 2014/1

Don en Confiance Luxembourg

CPS

Fondation

# Chrëschte mam Sahel
# Chrétiens pour le Sahel

ÉTABLISSEMENT D'UTILITÉ PUBLIQUE



## 2014 – ANNÉE INTERNATIONALE DE L'AGRICULTURE FAMILIALE

FOTO: MENN BODSON



***30 Joër Entwécklungshëllef am Burkina Faso***

*1980/1981 gouf et an der Sahelzon eng Dréchen- an Hongerkatastroph. Dausende Leit sinn erhéngert. Des Zon läit südlech vun der Sahara an ass eng „ceinture de sécheresse". Si ëmfaasst vun Oste bis Westen 8 Länner. Eent dovunner, Obervolta, heescht zënter 1984 Burkina Faso - iwwersat heescht dat „le pays des hommes intègres".*

*Zu enger Dose Leit hu mir deemools decidéiert eppes géint den Honger an d'Aarmut ze ënnerhuelen. D'Iddie vun der Entwécklungshëllef gouf festgehalen. 1984 si mir, matt Hëllef vum Minister Pierre Werner, offiziell unerkannt ginn als „Fondation Chrëschte mam Sahel–Chrétiens pour le Sahel".*

*An dëser Zäit, hu jong Leit vu Bartreng, wou ech Paschtouer war, hier Basarsgelder un d'Kongregatioun des Pères Blancs geschéckt fir den Opbau vun enger Duerfapdikt. Ech sinn invitéiert ginn d'Land an hier Leit kennenzeléiren. Ech sinn dohi geflunn. Si hu mech an d' Dierfer vun hire Pare matgeholl. Grausam Aarmut hunn ech erlieft, mee ganz léif Leit kennegeléiert. E Joer drop hu sech den Här an d'Madame Jeff Hoffmann laang Zäit eisem Engagement ugeschloss. Zesummen hu mir vill Projeten finanziell ënnerstëtzt. Den Här Songré, ee Jurist, den eis am Burkina Faso vertrueden huet, huet eis dobäi gehollef.*

*Bis haut konnte mir mat Hëllef vun eise Memberen an Ären Donen an duerch de Bäitrag vum lëtzebuerger Staat, vill weider Projeten ënnerstëtzen, ënnert anerem an de Beräicher vun der Waasserversuergung, vun der Landwirtschaft, vun der Educatioun an der Gesondheet.*

***Abbé Ferdy Fischer***
***Grënner a President vu Chrëschte mam Sahel (CPS)***

# WANDERAUSSTELLUNG




(PHOTO MENN BODSON)

Aus Anlass der Feierlichkeiten zum 30. Geburtstag verstärkt CPS die Anstrengungen im Bereich der Sensibilisierung. Die Wanderausstellung *Lasst uns gemeinsam gegen die Armut kämpfen* zeigt, daß Armut in ländlichen Gegenden Burkina Faso's keine Fatalität ist und, daß die Durchführung integrierter Entwicklungsprogramme, in enger Zusammenarbeit mit der lokalen Bevölkerung und lokaler Partnerorganisationen, dazu beitragen, Armut zurückzudrängen. Die Ausstellung war vom 24. Februar bis zum 16. März im hauptstädtischen Bahnhof zu sehen. Nächste Stationen sind: Lycée technique privé Sainte Anne Ettelbruck (24.03. – 04.04.14), Blannenheem Bieschbech/Miersch (15.04. – 06.05.14), Belle Etoile (20.05. – 24.05.14), Cactus Howald (10.06 – 14.06.14) und Grundschule Berbourg (12.07.14).

# VOLONTAIRES DE COOPÉRATION



*Romain Duchamp à l'aéroport de Luxembourg*

Dans le cadre du programme "Volontaires de Coopération" du Service National de la Jeunesse, Monsieur Romain Duchamp de Manternach fait actuellement un volontariat de six mois au sein de CPS. Après avoir passé deux semaines au siège de notre ONG, Romain est parti à la mi-février au Burkina Faso où il a été affecté au service suivi-évaluation du Programme de Développement Intégré à Bobo Dioulasso jusqu'à fin juillet 2014. Ce volontariat se range dans les actions de sensibilisation de CPS. Nous allons revenir plus en détail sur le travail de Romain dans un prochain numéro.

**E GROUSSE MERCI UN ALL EIS DONATEUREN:**
Privatleit, Entreprisen, Gemengen, Geschäfter, Schoulen.

# 30 JOER CHRËSCHTE MAM SAHEL (CPS) ¼

Sahel, wie wosst schonn 1973 wat dat wier? Wie wosst wat een Tsunami wier, ier dat grousst Séibiewen an Indonesien déi gewalteg Katastrof ausgeléist huet mat honnertdausende vun Opfer? Dat waren dach nei Wierder un déi mir eis hu misste gewinnen.

Sou war dat deemools, 1973 wéi an dem risege Sahelgebitt ënnert der Sahara ongezielte Mënschen an Déieren elendeg ëmkoumen.

Wat war geschitt, dohannen, wéit wech vun de Kameraen an de Mikroen, ënnert de Baobab Beem an hannert de Lehmhaipe vun de Leit? Wat war do lass an deene risege Länner Senegal, Mali, Burkina, Niger a bis an Äthiopien a Somalia, am hënneschten Oste vum Schwaarze Kontinent?

Ganz einfach: et hat net méi gereent, et war näischt méi op de Felder gewuess, d'Weede vun de Béischte ware verdréchent, d'Milspäichere waren eidel, et ware keng Reserven ugeluecht an den Honger war op emol do wéi virun aalst bei eis d'Pescht… a Leit a Véi sënn ëmkomm mat den honertdausenden… deemools huet nach kee vun CO2 a Klimawandel philosophéiert, mee der Doud, de schlëmmste vun allen, den Hongersdoud, hat Karschnatz.

Firwat schreiwen ech dat hei? Mee einfach fir Merci ze soen. Merci all deene Kanner an hiren Elteren a Grousselteren, deene ville Studenten a Jugendlechen aus esou ville Schoulen, Massendéngerveräiner, Jugend-a Sportsclibb hei aus dem Land, déi deemools spontan mat gemaach hunn bei der grousser Aktioun: SOS SAHEL-HELLEFSAKTIOUN ÄTHIOPIEN.

Ganz kuerz: et war de 25 November 1973. Op allen Televisiounschaîne goufen op deem Sonndeg an den Owesneiegkeete schrecklech Biller aus Afrika gewisen. Doudeg Kéi, Schof, Geessen, Ieselen a Kaméiler an… Mënschen. Ausgemergelt oder schonn doud Kanner, d'Gesiichter voll vu Mécken, mat riseg groussen Aen an dënnen Äermercher un der Broscht vun hire Mammen, déi mat grad esou engem hëlleflose Bléck an d'Kamera gekuckt hunn.

Dat huet sou wéi gedoen an den aneren Dag sinn ech am Dikkricher Kolléisch a meng Klasse gaang an hunn d'Studente gefrot: Kënne mir dat do zouloossen, einfach nokucken an d'Blat ëmdréinen? Spontan an ouni ze zécke koum d'Äntwert: Neen, dat maache mir net.

An esou gouf de 26. November "SOS SAHEL" gegrënnt. Am ganze Land hu Jugendlecher sech begeeschtert, sech versammelt, sech informéiert.

Hei ee kuerze Bléck an d'Zéit vun de 70zeger Joren: de Mee '68 mat senge revolutionäre Gedanke war nach iwwerall an der Loft, an der Kierch goufen d'Altär ëmgedréint an de Poopst Paul VI hat seng Gedanken iwwert d'Pëll haart geduecht, d'Welt huet den Otem ugehal wéinst dem Yom Kippur Krich tëscht den Israeli an den Araber… an do sollte mir jonk Leit hei zu Lëtzebuerg de Mond halen?

„Ëmdenken", dat war eist Motiv. Nei Weeër sichen an enger Konsumwelt där jo keng Grenze gesat waren. Dat wollte mir, dem blannen Egoismus ee Fouss an d'Dir setzen.

Et war alles einfach a spontan: een Autocollant, deen de Student Roger Leiner entworf hat, gouf gedréckt, Radio (hei nodréiglech dem Här Nic Weber vun RTL ee Merci) an d'Zeitungen hu matgespillt. Mir hunn d'Land opgedeelt, well des Autocollante sollte bis an dat lescht Duerf kommen. Op den Autoen, den Trakteren, um Kicheschaf an um Spigel am Buedzëmmer, iwwerall sollten di Biller mat der schwaarzer Ketten an dem enge roude Ketteglid pechen… an esou war et och.



*Iwwerreechung vun de Gelder um Siège vum Lëtzebuerger Roude Kräiz: (v.l.n.r.) Direkter Roland Hoff, Professer Jos Mathay an Abbé Ferdy Fischer vun Sos Sahel Lëtzebuerg, RTL Direkter Gust Graass.*

# 30 JOER CHRËSCHTE MAM SAHEL (CPS) ¼

Et war net schwéier deemools d'Jugend an de Schoulen an an hire Veräiner ze begeeschteren, mee wou war d'Kierch? Zu Bartreng war deemools de Ferdy Fischer Paschtouer, den hat een oppent Ouer fir des nei Aufgab a mir hunn hie viru Chrëschtdag mat an d'Boot geholl.

An der Chrëschtvakanz 1973 sinn em di honnertdausend Autocollante verkaaft ginn a mir konnten deemools an enger éischter Aktioun bis 1 500 000 LUF sammelen. Duerno goufe vill Konferenze gehal, vill Informatiounen an der Press publizéiert an SOS SAHEL konnt deemools ofschléisse mat dem immense Resultat vun nobäi 3 000 000 LUF.

A wéi ëmmer, aner Neiegkeeten hunn de Sahel aus de Medie verdrängt… bei eis hei an Europa war deemools een neit Gespenst dat eis fäerte geléiert huet: d'Araber dréinen dem Westen den Uelegkrunn zou… An sou war et bis an den 80zeger Joeren eng zweet Sahelkris Schlagzeile gemaach huet.

Dunn huet eise President, den abbé Ferdy Fischer, vill Courage bewisen. Hien ass kuerzerhand bei säi Frënd, de Pater Wildgen an de Burkina gefuer, huet de Misär hautno erlieft, Fotoe gemaach a krut dunn 10 Minutte Sendung beim "Hei elei"… an erëm war d'Generositéit am Land immens.

D'Fondatioun Chrëschte mam Sahel gouf 1984 gegrënnt. Dem Ferdy Fischer, dem Här Hoffmann an deene ville Mataarbechter an Donateure vun deemools a bis haut ee ganz häerzleche Merci am Numm vun alle Leit aus dem Burkina mat deene mer an deene leschten 30 Joer zesumme geschafft hunn.

Jos Mathay
(Theolog, Reliounsprofesser a Member vum CA)

# 2014 – ANNÉE INTERNATIONALE DE L'AGRICULTURE FAMILIALE

L'Année internationale de l'agriculture familiale 2014 vise à rehausser l'image de l'agriculture familiale et de la petite agriculture en focalisant l'attention du monde entier sur leur contribution significative à l'éradication de la faim et de la pauvreté, à l'amélioration de la sécurité alimentaire, de la nutrition et des moyens d'existence, à la gestion des ressources naturelles, à la protection de l'environnement et au développement durable.

Dans les pays développés, comme dans les pays en développement, l'agriculture familiale est la principale forme d'agriculture dans le secteur de la production alimentaire.

L'agriculture familiale préserve les produits alimentaires traditionnels, tout en contribuant à une alimentation saine et équilibrée et à la conservation de la biodiversité agricole mondiale.

Découvrez sur les pages suivantes les actions de CPS dans le cadre de l'agriculture familiale au Burkina Faso.



*Le maraîchage – source de vitamines et de revenus*

# 2014 – INTERNATIONALES JAHR DER FAMILIENBETRIEBENEN LANDWIRTSCHAFT

In Burkina Faso stellen kleinbäuerliche Familienbetriebe die Hauptform der Landwirtschaft im Nahrungsproduktionssektor dar.

Bäuerliche Familienbetriebe stehen allerdings vor massiven Problemen. Trotz ihres Potenzials fehlt es ihnen an Kapital, Beratung, Kenntnissen sowie entsprechender Agrartechnik und Zugang zu Märkten.

Genau hier setzt die Arbeit von CPS und seiner Partnerorganisationen in Burkina Faso an, denn die Unterstützung der Familienbetriebe ist der Schlüssel zur Minderung von Armut und zur Steigerung der Ernährungssicherheit. Hier eine Übersicht unserer Tätigkeiten:

## Programme de Développement Intégré (PDI)

Das PDI wird in den fünf Diözesen Fada N'Gourma, Bobo Dioulasso, Dedougou, Nouna und Banfora zusammen mit unserer Partnerorganisation der *Organisation Catholique pour le Développement et de Solidarité* (OCADES) umgesetzt.

Kleinbäuerliche Familien stehen im Mittelpunkt des Programms, das auf eine besser strukturierte Organisation in den betroffenen Dörfern abzielt, sowie auf einen verbesserten Zugang zu Erwachsenenbildung, Schulen und Gesundheitswesen. In Sachen nachhaltiger Landwirtschaft werden durch Aus-und Weiterbildung, durch Mikrokredite, durch Verbesserung des Zugangs zu Wasser, durch Sensibilisierung im Hinblick auf einen schonenden Umgang mit natürlichen Ressourcen Ernteerträge langfristig gesteigert und die Viehzucht verbessert. Ziel ist die Steigerung der Ernährungssicherheit und die Reduzierung der Armut.

Besonders werden Frauen gefördert, da gerade sie eine tragende Rolle in der famliliären Landwirtschaft spielen.

## Conservation des Eaux et Réhabilitation des Sols (CERS) – Kongoussi

In der Gegend von Kongoussi fällt öfters monatelang kein Tropfen Regen; dann wieder spült er den Boden weg. Einst galt das Land als grünes Paradies – doch hohes Bevölkerungswachstum, notwendige Abholzung zur Gewinnung von Brennholz, Überbeweidung und überstrapazierte Felder vernichteten nach und nach die Lebensgrundlage. Unsere Partnerorganisation die *Association des Jeunes pour la Protection de l'Environnement et de l'Elevage* (AJPEE) unterstützt die kleinbäuerlichen Betreibe im Kampf gegen die Erosion um mit nachhaltiger Landwirtschaft, Wiederaufforstung, Sicherung der Wasserreserven und Mikrokrediten für Frauen, die Lebensverhältnisse der Bevölkerung nachhaltig zu verbessern (siehe Bericht von Birba Madi, Bauer eines Zieldorfes des CERS Projektes auf der nachfolgenden folgende Seite).



*Familienbetriebe in Burkina Faso bewirtschaften in der Regel kleine Parzellen, verbunden mit viel Handarbeit.*



*Verbesserte Viehzucht: eine wichtige Einkommensquelle für kleinbäuerliche Betriebe in den Zieldörfern von CPS.*



*Der Zugang zu Märkten ist eine Voraussetzung zur Produktionssteigerung*

FOTOS: MENN BODSON

Le projet CERS aide des familles paysannes concrètement. Découvrez le témoignage du producteur Birba Madi cultivateur à Yalka, village cible du projet CERS :

«Les activités CERS ont fortement contribué non seulement dans le renforcement de la maîtrise et capacités des techniques agricoles et culturales mais aussi afin d'opérer un meilleur rendement agricole. Autrefois, avant le projet, 3 mois après la fin des récoltes (novembre-décembre), ma famille connaissait des périodes de disettes à partir de février. Cela durait plusieurs mois jusqu'au début des récoltes de la saison suivante. Mais de nos jours, les actions de CERS, malgré les adversités de la nature et des aléas climatiques, ont renversé la tendance. Ainsi par la pratique de ces techniques, nous pouvons remplir nos greniers. Les périodes de disettes ne sont plus régulières, même si elles surviennent souvent, elles n'interviennent qu'à partir de juillet avec une courte durée. On remercie Dieu et CPS. Notre souhait majeur est que la pluviométrie soit bonne, régulière et bien repartie afin de réaliser de bonnes récoltes chaque année. Mes femmes et belles-filles exploitent et vendent les produits forestiers non ligneux dont les ressources mères sont implantées dans les champs de culture par l'action de la Régénération Naturelle Assistée. Il y a également la vente des arachides, du niébé et du sésame … »



*Le paysan Birba Madi avec sa famille*



*Grenier de secours alimentaire*

Des revenus substantiels sont alors issus de ces ventes permettant aux membres du ménage, notamment les femmes et les enfants, d'acheter des vêtements, des produits de santé, de participer à des funérailles… Au niveau des producteurs ayant bénéficié de l'appui, les besoins existentiels sont acquis : manger, boire et se soigner. Les greniers de secours alimentaire représentent des alternatives développées par les producteurs afin de mieux prévenir les cas récurrents de soudure ou d'insécurité alimentaire. Ils consistent à disposer des vivres de proximité pour réduire la souffrance des femmes au moment des périodes de soudure. D'une capacité de deux (02) tonnes, ils contribuent également à renforcer la solidarité, la cohésion sociale au niveau de la population.

Faites un don grâce à votre application mobile Digicash
**Scannez** ce QR Code Digicash,
**indiquez** le montant de votre don,
**validez** à l'aide de votre code PIN.
Plus d'informations : www.digicash.lu
DiGiCASH SMART PHONE - SMART PAYMENT

# SCHECKÜBERREICHUNGEN

## „Wickler-Frères Exploitation“ und „Schroeder & Associés“ spenden für Burkina Faso

Am 20. Dezember 2013 überreichte Georges Wickler, Geschäftsführer der Firma „Wickler-Frères Exploitation“ einen Scheck in Höhe von 2300 EUR an die „Fondation Chrëschte mam Sahel – Chrétiens pour le Sahel.“ Die Spende ist für den Aufbau einer Schule in Burkina Faso bestimmt. Vize-Präsident Marc Fischbach dankte Georges Wickler für die großzügige Spende sowie auch der Firma „Schroeder & Associés“ für ihre Zuwendung in Höhe von 7500 EUR.



*V.l.n.r.: Pascale Fisch-Gend, Bernadette Reuter-Wagner, Marc Fischbach, Georges Wickler, Marie-Josée Frank und Jos Mathay*



*V.l.n.r. : Edmond Simon, Marc Fischbach, Robert G. Thiemann, Ferdy Fischer und Jos. Mathay*

## BPM / RT-Log S.A. unterstützt CPS

Am 7. Februar 2014 überreichte Robert G. Thiemann, managing director von BPM / RT-Log S.A, einen Scheck in Höhe von 2200 EUR an die Fondation Chrëschte mam Sahel – Chrétiens pour le Sahel. Der Erlös stammt aus einer Weihnachtskarten-Aktion der Firma. In seiner Ansprache bedankte sich Präsident Ferdy Fischer bei der Firma RT-Log. Herr Thiemann seinerseits hob die guten und mehrjährigen Beziehungen zwischen BPM / RT-Log S.A. und der Stiftung hervor, mit dem Ziel den Bekanntheitsgrad der Stiftung bei lokalen und internationalen BPM Kunden zu erhöhen.

## Ein Dankeschön an die Banque Raiffeisen

Zum Weihnachtsfest 2013 haben die Angestellten der Banque Raiffeisen auf Geschenke verzichtet um die Gelder 5 gemeinnützigen Organisationen zukommen zu lassen. So konnte auch CPS im Rahmen einer Feierstunde am 6. März 2014 am Sitz des Geldinstitutes einen Scheck in Höhe von 4000 EUR entgegennehmen. Die Ursprünge der Banque Raiffeisen im ländlichen Raum in Luxemburg und die Tätigkeit von CPS im ländlichen Raum in Burkina Faso Faso passen hervorragend zusammen.



*V.l.n.r.: Guy Hoffmann, Marie-Josée Frank, Ferdy Fischer, Edmond Simon, Jean-Louis Barbier, John Bour*

# WEIHNACHTSAKTION 2013



*Die Kinder von Wend Benedo*
FOTO DANI SCHUMACHER

## 1) WEND BENEDO

**Dank Ihrer großzügigen Spenden konnten wir auch 2013 wieder 1.500 € nach Kongoussi ins Zentrum für Aidswaisen „Wend Benedo" überweisen.**

Diese Spenden ermöglichten es den Verantwortlichen des Zentrums eine kleine Weihnachtsfeier auszurichten.

Bei dieser Gelegenheit wurde ein Mittagessen mit einem Getränk für 300 Kinder organisiert. Die Bewohner des Zentrums sind, wie jedes Jahr sehr dankbar.

CPS wird ab diesem Jahr WEND BENEDO mit jährlich 20.000 € unterstützen.

*In einer späteren Ausgabe werden wir ausführlich auf das neue Projekt Aidswaisenkinder in Kongoussi zurückkommen!*

Luxembourg-1
Port payé P/S 328

## 2) MACO

Das Gefängnis in Ouagadougou "MACO" ist für die zahlreichen Gefangenen viel zu klein. 10-12 Personen in einer kleinen Zelle von 6 qm.

Die Einrichtung, ursprünglich für 500 Insassen geplant, ist inzwischen hoffnungslos überfüllt:

etwa 30 junge Frauen, über 40 minderjährige Jungen und Mädchen, und 1.400 Männer, deren Durchschnittsalter bei 28 Jahre liegt.

Mangels Geldmittel ist die Ernährung der Gefangenen mehr als dürftig, ebenso die ungenügende medizinische Versorgung und die hygienischen Begebenheiten.

Dank Ihrer großzügigen Spenden von 1.500 € war es letzte Weihnacht möglich, den Insassen ein bisschen Wärme und Hoffnung zu vermitteln mit einem Mittagessen bestehend aus Reis und etwas Fleisch mit Soße.

**Der Verwaltungsrat und die Mitarbeiter von CPS bedanken sich herzlich für Ihre Hilfe und wünschen sich, dass auch in diesem Jahr, die Aktion „Weihnachtsessen" für MACO weiter bestehen kann.**

**MERCI de verser vos dons (fiscalement déductibles) sur le compte de la**
**Fondation Chrëschte mam Sahel – Chrétiens pour le Sahel**
**CCPLLULL IBAN LU12 1111 0560 0031 0000**

Possibilité de faire un ordre permanent ▌ Pour vous abonner à notre bulletin (également disponible sous format PDF) merci de contacter le secrétariat ▌ Merci de nous communiquer tout changement d'adresse ▌ Périodique édité par : Fondation Chrëschte mam Sahel – Chrétiens pour le Sahel ▌ Etablissement d'utilité publique ▌ Registre de commerce G-131 ▌ ONG, active au Burkina Faso, agréée depuis 1986 ▌ Bureaux et siège social : 29, bd. Dr. Charles Marx, L-2130 Luxembourg ▌ B.P. 2647 L-1026 Luxembourg ▌ Tél. : +352 49 05 55 ; Fax : +352 49 05 55 44 ; ongsahel@pt.lu ; www.cps.lu ▌ Impression : Saint-Paul Luxembourg sur papier recyclé.